# Déi neiste Bäitreeg op dësem Site:

## News

### 2.6.2015 Nee Merci Här Bettel

02 **Jun** *2015*

(comments: 0)




Mir waren zu Dikrech fir en Protest:

Nee Merci, Här Bettel, mir wëllen keen Auslännerwahlrecht!

Mir haten och en Interview mam gréissten Schwäizer Fernseh SRF a si hunn eis gefilmt.

Merci un all eis Aktivisten, déi haut den Owend do waren!

Read more … 2.6.2015 Nee Merci Här Bettel

### 31.5.2015 De Xavier Bettel ass isoléiert an Europa mam Auslännerwahlrecht. Gleeft en och net méi richteg un en Jo am Referendum?

31 **May** *2015*

(comments: 0)

Déi Fro kann een sech stellen wann een liest wat de Xavier Bettel der dpa gesot huet: "Im Moment haben

wir mit dem Referendum schon gewonnen, egal was das Resultat ist"

Hien bestätegt och dass Lëtzebuerg alleng an Europa wär mam Auslännerwahlrecht: "Er sei überzeugt, dass Luxemburg der Debatte innerhalb der EU über das nationale Ausländerwahlrecht «einen Kick geben» könne. Verschiedene Länder seien allerdings dafür noch «nicht reif»."

Mir erënneren eis och un d'Wierder vum Viviane Reding: "Wat ass d'Meenung vun deenen aneren Länner zu dem Virstouss vun Lëtzebuerg fir en Wahlrecht fir Auslänner??
- Déi froen sech all wat dat soll. Et gëtt keen, deen op de Wee vun eiser Regierung wëll goen."

An un d'Resolutioun vum Parlament vum Conseil d'Europe déi seet an d'Wahlrecht soll un d'Nationalitéit gekoppelt sinn: "Compte tenu du conflit de loyauté possible entre le pays dont une personne est citoyenne et son pays de résidence, le droit de vote et d'éligibilité aux élections nationales (parlementaires ou présidentielles) devrait généralement être SUBORDONNÉE À LA NATIONALITÉ"

http://www.lessentiel.lu/de/news/dossier/referendum2015/story/Haben-mit-Referendum-schon-gewonnen--21306833

Read more … 31.5.2015 De Xavier Bettel ass isoléiert an Europa mam Auslännerwahlrecht. Gleeft en och net méi richteg un en Jo am Referendum?

## 30.5.2015 Auslännerwahlrecht? Nee Merci Xavier Bettel!

30 **May** *2015*

(comments: 0)

Lo ass et wou et ziet!

Mir sinn de Méinden géint 18:30 zu Dikrech beim Kolléisch. Kommt och dohinner!

Mir wäerten de Rescht Flyeren an Autocollant'en do ausdeelen.

Do huet de Xavier Bettel um 19:30 am Festsall eng Informatiounsversammlung wou hien nach gär d'Leit fir de Jo iwwerzeegt.

Mir ginn dann och bei de Xavier Bettel wou mir virun der Dir eng kleng Protestaktioun maachen: Nee merci Xavier Bettel

32, avenue de la Gare

L-9233 Diekirch

Read more … 30.5.2015 Auslännerwahlrecht? Nee Merci Xavier Bettel!

## 27.5.2015 Auslännesch Bierger géint d'Auslännerwahlrecht!

27 **May** *2015*

D'Asti représentéiert net all d'Auslänner hei zu Lëtzebuerg.

Vill vun hinnen sinn géint en Auslännerwahlrecht. Hei en kuerzen Témoignage vun 4 Leit déi sech dozou och ëffentlech wollten äusseren:

Read more … 27.5.2015 Auslännesch Bierger géint d'Auslännerwahlrecht!

## 23.5.2015 Auslännerwahlrecht? Nee Merci!

23 **May** *2015*

(comments: 0)




Mir hunn en Zesummeliewen wat fonctionnéiert wou mir kënnen houfreg drop sinn an dat ass méiglech ouni Auslännerwahlrecht.

Säit 2008 gëtt et d'Méiglechkeet vun der duebeler Nationalitéit an jiddereen deen wëll kann Lëtzebuerger ginn ouni seng al Nationalitéit falen ze loossen.

Duebel Nationalitéit ass de bessere Wee, wann d’Konditioun vun der lëtzebuerger Sprooch awer bestoen bleift.

Mir soen de Politiker: Maacht do weider, encouragéiert d’Auslänner fir Lëtzebuergesch ze léieren, bitt hinnen d’Méiglechkeeten. Wéist hinnen, dass eis eis Sprooch um Häerz läit. Erkläert hinnen méi däitlech, wéi een déi duebel Nationalitéit kann kréien an erliichtert d’Formalitéiten op der Gemeng fir dëst ze erreechen.

Bestellt bei eis Flyer an Pechbiller (per Mail: kontakt@nee2015.lu)
Kontaktéiert eis wann dir eis wëllt hëllefen ausdeelen!
Schreift Lieserbréiwer zum Beispill fir an d'Wort (wort@wort.lu)
Wann dir wëllt en Don maachen fir de Nee ze ënnerstëtzen: http://nee2015.lu/index.php/spenden.html
https://www.facebook.com/nee2015.lu
http://nee2015.lu

Read more … 23.5.2015 Auslännerwahlrecht? Nee Merci!